

COVID-19 Wou bleift déi kloer Linn an der Grondschoul?

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Den SNE/CGFP hat en Donneschdeg, den 29. Oktober eng Videokonferenz mam Minister Claude Meisch, wou hie mat de Gewerkschaften aus dem Enseignement fondamental de Point iwwert d'Situatioun an de Schoule gemach huet.

Prozeduren an de Schoulen

Fakt ass, dass et bei de Prozedure bei Covid-19-Fäll keng kloer, transparent an allgemeng gültig Prozedure ginn. Vill Froe stinn nach ëmmer op: Wien hëlt wéi eng Decisioun? Wien informéiert a wie gëtt informéiert? Wéi ass d'Zesummenaarbecht tëschent der Schoul an der Maison relais bei engem Coronafall gereegelt?

Fakt ass och, dass kontradiktoresch Informatiounen ënnert dem Personal zirkuléieren: Vun der Santé a vum Educatiounsministère kommen deelweis ënnerschiddlech Consignen. Awer och vun enger Direktioun op déi aner sinn d'Aussoen an d'Consignen net ëmmer identesch.

De Minister ass sech dëser Problematik bewosst, mee hie kann awer net versprechen dee Problem aus der Welt kënnen ze schafen, well et sengen Aussoe no, ënnerschiddlech Vuen tëschent dem MENJE an der Santé zu verschiddene Punkte gëtt. Den SNE/CGFP kann novollzéien, dass d'Santé an de MENJE verschidde Vuen hunn, huet awer absolut kee Verständnis derfir, dass bei deem Kompetenzgerangel den Enseignant um Terrain, deen d'Mesuren ëmsetzen an de Schüler an Elteren erkläre muss, dee Leidtragenden ass. Et kënnt nach derbäi, dass d'Santé am Moment iwwerlaascht ass a Schwierigkeeten huet, mat der Aarbecht nozekommen.

Mee d'Santé ass net un allem Schold, well och ënnerschiddlech Consignen jee no Direktiounen eraus ginn. Hei huet de Minister dorobber verweisen, dass et net ëmmer

méiglech ass eng national Kohärenz an déi preconiséiert Mesuren eranzekréien, well d'Fäll ënnerschiddlech gelagert kënne sinn an et net ëmmer méiglech ass d'selwecht dorobber ze reagéieren.

Technesch Installatiounen fir d'Propagatioun vum Virus anzedämmen

Den SNE/CGFP huet dem Educationminister seng Fuerderungen an deem Zesammenhang op en Neits ënnerbreet. Déi Fuerderunge betreffen d'Installatioun vun:

- mobile Raumlufreiniger an de Klassesäll
- CO2- Ampelen an de Klassesäll
- Féiwermoossapparater an all Schoulen.

Den Educationminister ass net onbedéngt géint d'Installatioun vun deenen techneschen Hëllefsmëttel, mee hie verweist do nach ëmmer op d'Santé, déi dat bis elo nach net als sënnvoll betruecht huet. Vu dass de Minister an der Deputéiertechamber och dorobber ugeschwat ginn ass, freet hien nach eng Kéier bei der Santé no, wéi hir Positioun dann elo, ënner Consideratioun vun der aktueller Coronalag, ass. Erstaunt war den SNE/CGFP iwwert d'Ausso, dass de MENJE net au courant wär iwwert d'Existenz vu Studien, déi d'Efficaciteit vun esou mobile Raumlufreiniger ënnerleeën. Den SNE/CGFP huet dem Educationminister déi Studien zoukomme gelooss.

Vermësche vun de Kanner an der Maison relais

Den SNE/CGFP fuerdert, dass d'Vermësche vu Kanner net nëmmen an der Schoul, mee och an de Betreuungsstrukture verhënnert muss ginn. De Minister verweist dorobber, dass et am Veräinsliewen an, en général, dobaussen zu Vermëschunge kënnt an dass hien d'Maison relais an där Optik géif gesinn. Den SNE/CGFP weist sech erstaunt doriwwer, dass de Minister Meisch, deen den zoustännege Minister vun der formaler an der non-formaler Bildung ass, hei seng Responsabilitéite net hält an d'Maison relais op de selwechte Niveau wéi d'Fräizäit- a Sportaktivitéite setzt. An eisen Aen mécht ee systematescht Trenne vu Gruppe vu Kanner an der Schoul just Sënn, wann dëst och am non-formale Beräich gemaach gëtt. Mir kënnen Infektiounen an Infektiounskette besser verhënneren andeems kohärent Measure tëscht der formaler an der non-formaler Bildung en place gesat ginn.

Personalmangel

Fir den SNE/CGFP ass et kloer, dass d'Vermësche vu Kanner an der Schoul onbedéngt verhënnert muss ginn. Et däerf net zum Zesummeleeë vu Klasse kommen, well net genuch Remplaçanten zur Verfügung stinn. Fir esou vill wéi méiglech Personal fir d'Schoulen an d'Aarbecht mat de Kanner ze generéieren, schwätzt den SNE/CGFP sech fir e Moratoire vun all de Projeten um SCRIPT an op anere Plazen aus. Dat doduerch fräigesate Personal, wann et iwwert eng komplett Schoulmeeschteschausbildung verfügt, kéint dann an de Schoulen agesat ginn fir um

Terrain bei Engpäss ze hëllefen. D'Kompetenze vun dëse Leit ginn aktuell einfach dringend an de Schoule gebraucht, grad wann een drun denkt, dass elo komplett onqualifizéiert Leit de Kanner hir schoulesch Bildung uvertraut kréien. De Minister gesäit doranner net d'Léisung vum Problem, schléisst awer och näischt aus. Den SNE/CGFP ass d'accord mat der Aschätzung, dass domadder net all d'Problemer vum Mangel un Ersatzpersonal kënne geléist ginn. D'Léierpersonal um Terrain géif dat awer als e richtegt a wichtegt Zeeche vum MENJE unerkennen.

Och kéint en Appell un d'Léierpersonal fir Iwwerstonnen ze leeschten eng Méiglechkeet fir de MENJE sinn. Den SNE/CGFP gëtt ze bedenken, dass d'Charge de travail an d'Uspannungen, déi d'Covid-19-Kris mat sech bréngt, beim Léierpersonal scho ganz grouss sinn. Dofir kënnen esou Iwwerstonne just op fräiwëlleger Basis gelescht ginn.

Schoulmeeschteren am Tracing

Fakt ass, dass och voll ausgebildete Schoulmeeschter erugezu ginn fir an der Cellule den Tracing vun de Coronafäll an de Schoulen ze maachen. An Zäite vun enger eklatanter Penurie u Léierpersonal ass dat fir den SNE/CGFP inacceptabel. Den Educationminister erkläert, dass hie kee Schoulmeeschter, dee mat Kanner geschafft huet, aus de Schoulen ofgezunn huet fir den Tracing ze maachen. Et sinn exklusiv Schoulmeeschteren, déi administrativ Posten bekleet hunn, dofir geholl ginn. Fir hien ass et wichteg, dass och op deene Plaze Leit, déi d'Schoulen an de Schoulbetrib kennen, schaffen. Dat Vertrauen, dat de Minister an dës Leit huet, ass doudsécher gerechtfertegt, mee den SNE/CGFP ass der Meenung, dass diploméiert Schoulpersonal a Pandemies- a Penurieszäiten éischer hir Plaz an de Schoulen sollen hunn wéi am Tracing. Et ass ganz schwéier ze verstoen, dass mir op där enger Säit Personal ouni Diplom an ouni Stage an d'Schoulen eranhuelen fir do Schoul ze halen, wa mir op där anerer Säit brevetéiert Schoulmeeschteren am Tracing setzen hunn. Wär et do net ubruecht, dat Personal an der Schoul anzesetzen a fir den Tracing administratiivt Personal anzustellen?

Testing

Fakt ass, dass et laang Waardezäite ginn, wann ee sech wëllt teste loossen. Fir den SNE/CGFP soll den Enseignantsberuff an den Testprogramm mat méi enger héijer Frequenz vun Tester erageholl ginn an eng Prioritéit hunn. Den SNE/CGFP war iwwerrascht iwwer dem Educationminister seng Ausso, dass fir d'Santé d'Schoule keng Prioritéit beim Testing hätten. Op d'mannst hunn d'Enseignanten elo Kloerheet! D'Infektiounszele kënnen net gestoppt ginn, wann Enseignantë mat engem Risk positiv ze sinn 1 Woch op hir Test-Ordonnance waarden an do tëscht weider a Kontakt mat hire Schüler sinn. Dëst géllt et schnellst méiglech ze änneren a keng wäertvoll Zäit ze verléieren.

Maskepflicht an der Grandschoul ?

Stand haut gesäit de Minister keng Noutwendegkeet eng generell Maskepflicht an der Grandschoul anzeféieren. Hie verweist dorobber, dass et fir Kanner an deem Alter net agreabel ass fir stonnelaang mat enger Mask an der Schoul ze sëtzen, dass d'Schoulhalen doduerjer och méi schwéier gëtt a vill vun der sozialer Interaktioun verluer geet.

A/ B-System a Corona-Horaire ?

Den Educationminister ass der Meenung, dass mir de Moment net an der Situatioun sinn, wou eis dat géng weiderhëllefen. Ausschléissen wëllt de Minister «à ce stade» awer näischt.

Plan de développement de l'établissement scolaire PDS

Den SNE/CGFP begréisst d'Ouverture vum Educationminister, dass den aktuelle PDS kéint ëm 1 Joer verlängert ginn. Fir den SNE/CGFP ass et essentiell, dass a Pandemieszäiten och a Punkto Schoulentwécklung eng flexibel Haltung ageholl gëtt an dass d'Timeline net als absolut Gréisst muss ugesi ginn. Den SNE/ CGFP ënnersträicht, dass Schoulentwécklung wichteg ass a weider soll stattfannen. Ënner den aktuelle Konditiounen, déi um nationalen Niveau ganz ënnerschidelech kënnen sinn, ass dës Volet allerdéngs zäitweis net iwwerall voll ëmsetzbar well massiv Personal fehlt an een esou net ëmmer a Richtung Schoulentwécklung denke kann.

Matgedeelt vum SNE/CGFP